N° 7729
Entrée le 08.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

MeteoLux hat fir haut Mëttwoch, den 8. Mäerz, eng „Alerte jaune" eraus ginn. Grouss Deeler vum Land waren dann och moies fréi vum „Schnéichaos" betraff. Accidenter, Gefierer am Gruef an aner Perturbatiounen am Beruffsverkéier waren d'Konsequenz. D'Schüler an de Schoulbetrib waren och dovu betraff.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten :

- Gouf et Perturbatioune beim Schülertransport, eventuell souguer Incidente mat Schoulbussen, souwuel wat d'Grondschoul ugeet, wéi och den Enseignement secondaire? Wa jo, wéi vill Schüler waren dovu betraff?
- Wat sinn d'Konditioune, fir d'Schoul op Grond vun enger Alerte vu MeteoLux ofzesoen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7729 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

Fir d'éischt sief preziséiert, datt de Schnéi, deen den 8. Mäerz erofgaang ass, déi eenzel Regiounen aus dem Lëtzebuerger Land zu ënnerschiddlechen Zäite getraff huet.

Am Éislek konnten d'Stroosse schonn an der Nuecht geraumt ginn, a ware moies trotz de wanterleche Konditioune befuerbar. Am Zentrum an am Süde vum Land ass de Schnéi méi spéit gefall, sou datt et zu Perturbatiounen am Beruffsverkéier koum.

Nofroen hunn erginn, datt et ongeféier an der Hallschecht vun de Regionaldirektiounen a vun de Lycéeë Retarden am Schoultrafic gouf.

Fir de Perturbatiounen esouwuel am reguläre Linieverkéier wéi och am Schoultransport um Niveau vun der Kommunikatioun entgéintzewierken, goufen ab 8 Auer mueres all FIA-Panneauen (Fahrgastinformationsanzeiger) beschrëft mam Message: « *Perturbations sur tout le réseau, en raison des conditions météorologiques* ».

Wéi vill Schüler genee betraff ware vun de Retarden, kann och de Mobilitéitsministère net chiffréieren. An der Leetstell vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport, déi ë. a. de Schoultransport iwwerwaacht, koumen dee Muere ronn 900 Uriff a Funken eran, géint ca. 30 op engem normalen Dag. Am Call Center koumen 869 Uriff un, do läit d'Moyenne am Normale bei 502. Eng Distinctioun tëschent Schoultransport an aner Transporter gëtt net gemaach.

Konkret gemellten Tëschefäll mat Schoulbuslinne vum RGTR gouf et:

- zu Mutfert, wou de Bus am Hang houng;
- zu Jonglënster, wou de Verkéier wéinst engem Accident blockéiert war.

**Ad 2)**

An der *Instruction ministérielle* souwuel fir den Enseignement fondamental wéi fir den Enseignement secondaire ass dozou festgehal:

*« La décision de dispenser les élèves de la fréquentation des cours est prise la veille ou tôt le matin, après concertation avec la Police Grand-Ducale sur les conditions routières et météorologiques.*

*Le ministère informe les médias et les acteurs clés des écoles dans les meilleurs délais. Cette communication se fait par le biais de « AlarmTILT », outil de communication d'urgence que le ministère a mis en place pour alerter simultanément un grand nombre de personnes par SMS et par courriel. »*

Am Fall vu lokal begrenzten Intemperië läit d'Decisioun, den Unterricht ofzesoen, bei de Gemengeresponsabelen, respektiv den Direktere vun de Lycéeën. Dee Moment muss och ee Service d'accueil organiséiert ginn.

Vu de Retour vun de Regionaldirektiounen an de Lycéesdirektiounen, begréissen ech et, datt sämtlech Acteuren den 8. Mäerz 2023 déi néideg Efforte gemaach hunn, fir datt d'Beschoulung vun de Kanner konnt stattfannen.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH